Charte fir d'Léiergäert vum Reseau „Léieren am Gaart"

Dës Charte hëlleft de Partner déi sech zesumme fir de Léiergaart engagéieren, verschidden technesch, pedagogesch an organisatoresch Prinzippie festzehalen. Des sollen d'Grondprinzippie vum Reseau „Léieren am Gaart" respektéieren an de Léiergaart sou definéieren, fir dass en iwwert d'ganzt Joer pedagogesch genotzt gëtt.

D'Charte soll vun de verschiddene lokale Partner ënnerschriwwe ginn.

Gaardebau Prinzippie - Am Gaart

Mir schaffen an eisem Léiergaart no de Prinzippie vum biologesche Gaardebau, gi schounend mat den natierleche Ressourcen ëm a promovéieren d'Biodiversitéit an eisem Gaart.

- Beim Ubau vun eisem Geméis verzichte mir op den Asaz vu Pestiziden. Falls awer néideg, probéiere mir just Planzeschutzmëttel ze notzen, déi och am biologeschen Ubau zougelooss sinn.
- Mir gi gewëssenhaft mat de Ressourcë Waasser a Buedem ëm andeems mir kee Waasser verbëtzen. D'Fruchtbarkeet vum Buedem erhale mir duerch den Asaz vu Kompost a Gründünger.
- Eise Gaart lieft a bitt Insekten, Déieren a Planzen eng Zufluchtsplaatz andeems mir Insektenhoteler a Nistkëschten opstellen, eng grouss Panoplie vu Geméis, Uebst a Blummen ubauen, an och net jidder Planz direkt erausrappen.
- Zoudeems baue mir an eisem Gaart Zorten un, déi un eist Klima adaptéiert sinn a wou mir wësse wou de Som oder d'Planz hierkënnt. Mir vermeiden Hybridzorten a favoriséiere regional an al Zorten.

Pedagogesch Prinzippie

De Léiergaart gëtt no de Prinzippie vun der Participatioun, der Inclusioun an der Kooperatioun genotzt a bitt jidderengem d'Méiglechkeet d'Freed um Gaart ze entwéckelen. Duerch d'Erfarungen am Gaart kënnen sech déi Jonk wäertvollt Wëssen am Beräich vun der nohalteger Entwécklung erschaffen. D'Aktivitéiten am Gaart berouen op den Ziler vum Plan d'études, vum "cadre de référence national sur l'éducation non-formelle des enfants et des jeunes" a vun de Programmer aus dem Enseignement secondaire.

- Vun der Planung bis zur Realiséierung vum Gaart, plangen mer all Etapp participativ.
- De Gaart notze mer esouwuel fir formal wéi och fir non-formal Bildungs-Aktivitéiten.

- Mir notzen de Gaart fir d'vernetzt Denken an d'Bildung fir nohalteg Entwécklung fächeriwwergräifend ze förderen.
- Mir respektéieren eise Gaart a fleegen en mat vill Léift.
- All d'Partner kooperéiere gläichberechtegt a mir leeë Wäert op intergenerationell Aktivitéiten.
- Eise Gaart ass eng Plaz wou mir ons an onser Diversitéit géigesäiteg respektéieren.

Sozial Prinzippie – Organisatioun ronderëm de Gaart

Mir halen am Ufank vum Joer d'Organisatioun vun den Aktivitéiten déi de Gaart betreffen (Opdeelung vun de Parzellen, Entretien, Recolte, Themen….) zesumme fest

- Mir probéieren de Gaart um lokalen Niveau ze verankeren a schléisse Partnerschaften (mat anere pedagogesche Strukturen, lokale Veräiner, Alters- a Fleegeheemer, Crèchen, Betriber, Elterevereenegung, Gemeng asw).
- Mir grënnen e lokale Léiergaart-Comité, fir d'Organisatioun vum Léiergaart ze vereinfachen.
- Mir bestëmmen all Joer e Budget fir de Léiergaart.
- Mir tauschen eis Erfarungen am Léiergaart mat de Membere vum Reseau „Léieren am Gaart" aus.
- Mir huelen Deel un den Aktivitéiten déi de Reseau "Léieren am Gaart" organiséiert.
- Mir kënnen un der Entwécklung vum Reseau deelhuelen an ons abréngen.
- Eng Konventioun mat der Gemeng kann ënnerschriwwe ginn, fir den eventuelle Rôle vun der Gemeng ze klären (Terrain zu Verfügung stellen, Hëllef beim Entretien, Budget asw). Dofir kann d'Gemeng Klimapunkten ugerechent kréien.

Fir de Begleetgrupp vum Léiergaart : (Ënnerschrëften)

Pedagogesch Struktur:

Gemeng:

Lokal Partner: